## Gemengerot

# vum 24ten Oktober 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** Cheryl Geschwind (CSV), Conseillère

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 24ten Oktober 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl. D'Madamm Cheryl Geschwind ass fir déi haiteg Sëtzung entschëllegt.

**D'Madamm Claudine Meyer Deitz (LSAP)** informéiert dass zanter Ufank Oktober de Cours ‘Kidssport‘ an der Gemeng ugebuede gëtt. An deem Cours si 35 Participanten ageschriwwen. Et sinn natierlech alles jonk Familljen dorënner ganz vill nei Familljen aus Kielen, Nouspelt, Dondel an Ollem. Si kommen also aus all den Dierfer turnen an appreciéieren dëse Cours.

An der LASEP (Ligue des Associations Sportives de L'Enseignement Primaire) sinn 80 Kanner ageschriwwen. Déi ass dëst Joer fir näischt an dat ass eng Decisioun vum Educatiounsministère. De Minister Claude Meisch huet decidéiert dass jidderee soll méi Sport maachen an dorënner falen natierlech och d'Kanner an dofir ass d'LASEP ab dësem Joer wéi gesot gratis.

D'Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun invitéiert op den internationale Männerdag dee sonndes, den 23ten November 2025, um 17:00 Auer stattfënnt. Fir dëst Event sinn ‘Les Nanas dans le Rétro’ engagéiert. Et handelt sech ëm eng Grupp déi vill zu Paräis ënnerwee ass, wou awer en Ollemer Meedchen dobäi ass, an zwar Noémie François. D'Noémie François ass an der Gemeng Kielen an d'Primärschoul gaangen, ass dono studéiere gaangen an ass zu Paräis bliwwe wou d'Madamm ganz vill optrëtt mat engem Grupp. Dëse Grupp kënnt dëst Joer op Kielen wat d'Kommissioun eng flott Initiativ fënnt well et sech em e Meedchen aus der Gemeng handelt a well een op deem Wee him en Optrëtt hei kann erméiglechen.

**D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)** deelt mat dass de grousse Kommitee vum LEADER Lëtzebuerg West stattfonnt huet. An deem Kommitee ass iwwert déi lafend Projete, respektiv déi déi amgaange sinn ëmgesat ze ginn, geschwat ginn, an zwar de Buergermeeschterrot, alternativ Wunnformen, bei der Jugend kënnt e Video eraus fir Promotioun sou wéi och de Programm d'Jugend fir deen nächste Summer. Et gëtt och weider un der ‘Closer App‘ geschafft. Weider Projete sinn ‘Vallée des sept châteaux‘ a ‘Klimbera Reloaded‘. Bei Super Senior geet et dorëms dass d'Leit déi an der Pensioun sinn de Kanner Nohëllef ginn. Et war schonns mol Rieds dovunner an der Vergaangenheet, mä elo gëtt et méi serië. D'Leit déi d'Coursë gi kréien eng kleng Remuneratioun ëm déi 8 Euro. Et fënnt en Echange mat den Eltere statt, et gi Fichen ausgefëllt an et gëtt e Bilan gemaacht wou déi Leit dru sinn. Entretemps ginn och schonns Leit an de Firme gefrot déi bal bei der Pensioun sinn an dann och rekrutéiert. An deem Kontext kéint een sech eng Kéier beim LEADER Lëtzebuerg West genau informéiere wat fir eng Formulairen dass mussen ausgefëllt ginn a wéi déi ganz Prozedur ausgesäit. Et ass awer eng super Iddi vu datt vill Elteren zu zwee musse schaffe goen an net onbedéngt déi néideg Zäit hu fir Hausaufgaben ze maachen a fir d'Prüfung ze léieren. D'Super Seniore ginn iwwert de LEADER Lëtzebuerg West organiséiert.

Et huet och eng Reunioun vum ‘Comité de surveillance‘ vun der UGDA (Ecole de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe) stattfonnt. Et steet eng grouss Reform nächst Joer ab September 2026 un, nämlech d'Harmonisatioun vun de Bicher. Dat heescht ob een elo am Conservatoire ass oder an der Museksschoul am Norden oder an der Gemeng Kielen huet all Kand dat selwecht Buch. Sou dat wann e Kand plënnert, geet et mat engem gewëssene Material fort a kann et dann an enger anerer Musekschoul notzen.

Nach eng grouss Reform ass déi vun der ‘Formation musicale‘. Ab nächstem Joer gëtt an der éischter Spillschoul ‘Eveil 1‘ an an der zweeter Spillschoul ‘Eveil 2‘ ugebueden. Am éischte Schouljoer suivéieren d'Kanner de Cours ‘Formation musicale 1‘ an zwar direkt mat engem Instrument, fir dass si deen awer lästege Solfège Cours besser iwwerstinn an net opginn. Am zweete Schouljouer fënnt dann de Cours FM2 (‘Formation musicale 2‘) statt an dat geet sou weider bis an d'fënneft Schouljoer wou en Exame stattfënnt an dann ass den éischte Cycle ofgeschloss. Dat bréngt natierlech eng jett Changementer mat sech och fir d'UGDA. Säit dem éischte September bis den Dezember ass en Aarbechtsgrupp deen sech lo drëms bekëmmert ënnert der Direktioun vun der Madamm Micky Thein. Am Mäerz, am Kader vun der nächster Reunioun, gëtt da konkret gesot wat sech ännert. D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz hält de Gemengerot um Lafenden.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, (CSV)** géif gäre wësse wou d'Instrumenter hierkommen déi am Kader vun de Coursë gebraucht ginn.

**D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)** deelt mat dass dat eng vun deene Saachen ass déi elo musse gekuckt ginn. Et bleift selwecht a punkto Organisatioun wat d'Instrumenter ubelaangt. Wann d'Museksschoul voll ass, gëtt et eng Waardeléscht. Déi Coursë gi fir all Instrument ugebueden. Am Ufank mussen d'Elteren d'Instrument fir hir Kanner organiséieren bis dass si da kënnen an eng Museksschoul goen déi hinnen ab deem Moment kéint d'Instrument zur Verfügung stellen. Dat ass elo mol den Ufank. D'UGDA ass amgaangen d'Saach elo vun der Theorie an d'Praxis ëmzesetzen an et gëtt gekuckt wéi et weidergeet.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** informéiert dass den OSCM (Office social commun Mamer) zesumme mam Office social vu Stengefort an deem vu Stroossen säit ongeféier 10 Joer zu Stengefort eng ‘Epicerie sociale‘ bedreift. Et fänken u Gespréicher ze circuléiere wéi wann déi géif zougemaacht gi wat awer net stëmmt. Et ass een op der Sich no neie Lokalitéite well déi zu Stengefort einfach net méi adaptéiert sinn aus all méiglechen Grënn, vun der Gréisst hir, vun der Sécherheet hir. Et ginn och 2-3 Pisten déi a Fro kommen a bis eng dovunner operationell ass bleift d'Epicerie zu Stengefort selbstverständlech bestoen.

**Den Här Max Molitor (LSAP)** annoncéiert dass am Gemengerot am Juli eng Mentioun vun der DP erakomm ass fir ze préiwen ob een e Sportskoordinator hei an der Gemeng kéint astellen. Deemools gouf dorop verwisen dass d'Sportskommissioun fir Avis gefrot gëtt. D'Kommissioun huet och en Avis ofginn dee misst och all d'Membere vum Gemengerot geschéckt krut hunn. Deen Avis war e bëssen an der Argumentatioun déi de Schäfferot deemools och gefouert huet dass d'Konzept ganz intressant ass an dass d'Verwaltung dat och sollt maachen, mä dass awer elo nach net de richtegen Zäitpunkt wär. De Schäfferot hat den 3ten Oktober 2025 eng Entrevue mam Sportsministère, deen ass heihinner komm fir d'Strategie 'Meng Gemeng lieft Sport' virzestellen, déi och de Sportskoordinateur mat abezitt. D'Presentatioun war ganz interessant an huet gutt geklong. Do sinn awer e puer Schrëtt déi deem virausginn. D'Gemeng muss als éischt mam Sportsministère eng Charte ënnerschreiwen an doropshin huet een en Delai vun e puer Méint fir esou e Koordinator anzestellen. Dem Schäfferot ass kloer ginn dass esou e Koordinator net eréischt soll agestallt gi wann d'Gebaier bis stinn. An e puer Joer steet eng nei Sportshal an eng nei Schwämm an et ass falsch eng Persoun ze engagéiere wann alles bis steet, nee déi soll och agebonne ginn an de Planning vun deenen Infrastrukturen. Dat heescht de Schäfferot preparéiert, no der offizieller Demande vun der DP, den Dossier dee soll op d'Dagesuerdnung vun der nächste Gemengerotssëtzung kommen a mécht sech an der tëschent Zäit schlau wéi Demarchen si beim Sportsministère fir déi genannte Charte ze ënnerschreiwen a fir dorospshin déi néideg Demarchen ze maache fir spéiderhin e Sportskoordinator an der Gemeng ze hunn.

**Den Här Marc Bissen (LSAP)** weist den neie Guide deen de Schäfferot dëse Mëttwoch vum Familljeminister iwwerreecht krut. Et handelt sech em eng Zesummenaarbecht tëschent dem Service

'Relations publiques' vun der Gemeng an dem Familljeministère, deen e Modell zu Verfügung stellt fir alleguerten d'Gemengen. De Guide besteet u sech aus zwee groussen Deeler dat eent ass , 'Ech entdecke meng Gemeng' an dat anert ass 'Ech engagéiere mech a menger Gemeng'. Dat heescht et fënnt een all d'Informatiounen iwwert d'Gemeng, iwwert d'Veräiner, iwwert d'Gemengegebaier, an alles wat ugebuede gëtt, mat all néidegen Erklärungen. Dann awer och op der anerer Säit ebe wéi kann ech mech weider engagéieren, ob dat elo an de Veräiner ass, an enger politescher Organisatioun, iwwert d'Walrecht… Et handelt sech ëm e Regruppement vun allen Informatiounen déi wichteg si wann en neie Bierger an d'Gemeng kënnt a 5 Sproochen. D'Dokument ass immens flott gestalt. D'Gemeng kritt elo ëm déi 500 Exemplaren, haaptsächlech fir nei Leit déi an d'Gemeng erakommen. Et kann een de Guide zum Beispill op der 'Soirée nouveau résidents' benotzen, an d'Maison pour tous leeë souwéi an d'Gemengenhaus. Den Här Marc Bissen léit de Gemengerot an sech de Guide unzekucken an deelt mat dass d'Gemeng mol eng Kéier en Dokument huet wou alles regroupéiert ass an dat a 5 Sproochen, also e ganz flotten ‚Tool'. Am Guide ass och e QR-Code wat erméiglecht dësen och online kënnen ze consultéieren.

Déi online Versioun wäert liewen. Am Buch si sécher Feeler dran, d'Informatioune wiesselen, et komme Säll bäi oder Telefonsnummeren. Dofir ass d'Iddi dohannert dass een déi online Versioun permanent ka à jour setzen an dass een net ëmmer muss eng nei print Versioun virgesinn.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, (CSV)** informéiert dass de Chantier virun der Gemeng gutt weider geet. No Récksprooch mam technesche Service kann een zimmlech sécher soen dass dëse Chantier virum Kollektivcongé am Dezember wäert fäerdeg ginn. Et versprécht een sech eng Verkéiersberouegung, dofir gouf et gemaacht. D'Strooss ass zimmlech enk ginn a fir do laanscht eneen ze komme muss ee wierklech ganz lues fueren. Dofir besteet d'Hoffnung dass déi, déi soss duerch Kielen gefuer sinn, an dëst als Ofkierzung gesinn hunn, dass déi op hiren Navigatiounsapparater stoen hunn dass et relativ schwiereg ass duerch Kielen a Keespelt ze fueren an dass si doduerch op der Autobunn bleiwe. Mä et muss ee kucke wat Zukunft bréngt. Jiddwerfalls gëtt et eng grouss Verkéiersberouegung.

Op Elmen ass de Chantier vun der Schoul ganz gutt viru gaangen. D'Botzaarbechte sinn am gaang wat e gutt Zeechen ass. Den technesche Service huet gëscht matgedeelt dass een net wéisst wat elo nach kéint kommen, mat aller Virsicht gemierkt, wat géif mat sech bréngen dass d'Schoul de 5ten Januar 2026 net kéint opgoen. De Schäfferot ass gudder Déng dass d'Schoul de 5ten Januar 2026 opgeet a freet sech dorop.

D'Nouvellen zu der Biogasanlag ginn et zurzäit net ausser dass eis Juristen amgaange sinn ze kucke mat deene vun der Bank, well op de Gebailechkeeten eng Hypothéik läit. D'Gemeng ass guer net drun interesséiert do iergendwellech Suen auszeginn. Et war kee Betrib vun der Gemeng mä der Gemeng gehéiert den Terrain an dofir ass dës implizéiert. Den Här Félix Eischen hofft dass ee méi zu dësem Sujet kann an dem nächste Gemengerot soen, mä dat läit net an der Hand vun der Gemeng. Et ginn Interessente fir de Site weiderhin um Liewen ze halen. Final ass och d'Hoffnung vu Säite vun der Landwirtschaft, vu Säite vun de Baueren dass dës hire Piff weiderhi kënnen op dëse Site féieren. Dozou kënnt dass déi Léit déi dorunner interesséiert sinn eventuell d'Biogasanlag erëm unzedréinen ze loossen dann net weider wéi dat ursprünglech geplangt war Biogas aspeise mä Stroum an Hetzt. Dat muss een awer da gesinn, mä et gëtt awer dru geduecht, wat och gutt wär fir eis Baueren aus der Ëmgéigend fir dass dës weiderhin hire Piff kënnen op de Site féieren, soss mussen déi Betraffe bei sech eng Zëttär opriichte wat och erëm schwiereg gëtt.

D'Pläng vun der Schwämm sinn esou wäit fäerdeg an déi wäerten am November der Gemeng Koplescht virgestallt ginn. D'Gemenge sinn amgaangen un de Statuten ze schaffe fir e Syndikat ze grënnen. D'Syndikat gëtt spéiderhin de Bauhär vun der ganzer Saach. Bis dato ass et d'Gemeng Kielen. Déi Schwämm kënnt op den aktuellen Terrain 3 op der Keespelterstrooss wann een aus Kielen erausfiert, Richtung Keespelt op der lénker Säit. Et gëtt och gekuckt wou een den Terrain 3 ka verleeën. D'Gemeng verfüügt nach iwwert Terrainen an der Liberatiounsstrooss an hannert dem Terrain 1, respektiv ass de Schäfferot nach a Gespréicher fir nach Land bäizekafen, mä do ass een nach net esou wäit. Et ass awer zimmlech sécher dass d'Schwämm eben dohinner kënnt a mat Koplescht zesumme gebaut gëtt sou dass dës sech deemno un de Bau- an Exploitatiounskäschte bedeelegt.

Am Public setzt och den Här Daniel Simoes Caetano deen am technesche Service ugefaangen huet mat schaffen a gëtt häerzlech begréisst. De Service Technique ass fir déi nächst Zäit gutt opgestallt wat och néideg ass.

## *1. Compromisen/Akten*

### *1.1. Nottärsakt fir de Verkaf vun enger Parzell situéiert an der Rue de Kopstal zu Meespelt*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen de 15ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit Coprom S.A., vertrueden duerch hiren Administrateur aus der Klasse A, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis verkeeft d'Gemeng der Societéit Coprom S.A. d'Parzell n°1122/3626, Plaz, mat enger Surface vu 4,29 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Kopstal', Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, fir e Präis vun 214.500,00 Euro.

### *1.2. Nottärsakt fir de Kaf vun enger Parzelle situéiert um Uert 'Auf der Burg' zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt N°13085 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Madamm Pauline Laura Van

Wissen, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°1758/7529, Strooss, mat enger Surface vun 0,24 Ar an 0,83 Ar geleeën um Uert 'Auf der Burg', Sektioun A vu Kielen, fir e gesamt Präis vun 240,00 Euro. Den dozougehéierende Compromis gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 18ten Juli 2025 approuvéiert.

### *1.3. Nottärsakte bezüglech Terraine geleeën an der 'rue Simmerschmelz' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13047 deen de 6ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Guiseppe Di Giacomo souwéi der Madamm Maria Anna Parisi ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°2131/5171, Plaz, mat enger Surface vun 0,27 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 270,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13067 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Jean Jacques Nicolas Lies souwéi der Madamm Marie Buchholtz ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°2130/5161, Plaz, mat enger Surface vun 0,02 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 20,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13059 deen de 8ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Madeleine Marguerite Rose Romain ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°2128/4658, Strooss, mat enger Surface vun 0,10 Ar, geleeën um Uert 'In Roodt', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 100,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13057 deen de 8ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Jeanne Joséphine Beidler ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°837/5132, Strooss, mat enger Surface vun 0,07 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vu 70,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13069 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Romain Jacques Hoscheit souwéi der Madamm Fabienne Lucie Angela Romain ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°2128/4660, Strooss, mat enger Surface vun 0,13 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vun 130,00 Euro.

### *1.4. Nottärsakte bezüglech Terraine geleeën an der 'rue de Roodt' an an der 'rue de Dondelange' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13056 deen de 8ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Guy Rewenig souwéi der Madamm Marie Kolbach ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°813/5232, Plaz, mat enger Surface vun 0,09 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 90,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13055 deen de 8ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Guy Rewenig souwéi der Madamm Marie Kolbach ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°812/5230, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar an d'Parzell n°812/5231, Platz, mat enger Surface vun 0,05 Ar, allen Zwou geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 60,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13060 deen de 8ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Philippe Stammet souwéi der Madamm Gladys Lehners ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°836/5253, Plaz, mat enger Surface vun 0,05 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 50,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13066 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Guylaine Marchi Hanus ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°814/5234, Plaz, mat enger Surface vun 0,06 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 60,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13065 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Jean-Claude Rodolphe Charles Kurek souwéi der Madamm Sonja Philomène Josée Schmit ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°29/5220, Plaz, mat enger Surface vun 0,04 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 40,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13070 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Colette Anne Madeleine Moris ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°808/5229, Plaz, mat enger Surface vun 0,06 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 60,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13068 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Gilbert Pierre Reiser souwéi der Madamm Corinne Schreiner ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°814/5233, Plaz, mat enger Surface vun 0,07 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 70,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13072 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Sylvie Christiane Virginie Thommes ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°868/5267, Plaz, mat enger Surface vun 0,09 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Roodt', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 90,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13071 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Marc Muller ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°868/5266, Akerland, mat enger Surface vun 0,04 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Roodt', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 40,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13084 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Joseph André Lippert souwéi der Madamm Diane Marie Elisabeth Welter ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°1/5215, Plaz, mat enger Surface vun 0,77 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 770,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13083 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Victor Lippert souwéi der Madamm Pierrette

Eugénie Wies, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°1/5217, Plaz, mat enger Surface vun 0,05 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 50,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13082 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Raoul Lippert ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°1/5216, Plaz, mat enger Surface vun 0,02 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 20,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13079 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Patrick Tailger souwéi d'Madamm Anne-Marie Michèle Nicole Muller ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°836/5254, Plaz, mat enger Surface vun 0,05 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 50,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13081 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Geraldine Ethna Wraight Douglas ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°836/5252, Plaz, mat enger Surface vun 0,08 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 80,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13080 deen de 10ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Patrick Remy Bertemes souwéi der Madamm Marie-Louise Schwarmes ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°836/5251, Plaz, mat enger Surface vun 0,07 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 70,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13058 deen de 8ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Elisabeth Katharina Felten ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°790/5227, Strooss, mat enger Surface vun 0,45 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vu 450,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13064 deen de 9ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Nathalie Josée Reinertz ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°34/5223, Strooss, mat enger Surface vun 0,41 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vu 410,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13073 deen de 9ten Oktober tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Sylvie Christiane Virginie Thommes ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°868/5201, Strooss, mat enger Surface vun 0,73 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vu 730,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13074 fir en Echange deen den 9ten Oktober 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht den Här Tim Feltgen souwéi d'Madamm Corinne Spoden mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot d'Parzell n° 836/5244, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar géint d'Parzell n°836/5246, Plaz, mat enger Surface vun 0,03 Ar. Béit Parzelle befannen sech um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt. Aus dem Tosch geet ervir dass den Här Tim Feltgen souwéi d'Madamm Corinne Spoden der Gemeng 20,00 Euro muss bezuele fir den Ausgläich.

### *1.5. Compromis fir den Echange vu Parzelle geleeën um Uert 'Rue de la Forêt' zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir en Echange deen de 15ten Oktober ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis tauscht den Här Marcello Stirparo souwéi d'Madamm Patrizia Turlione mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot d'Parzell n°758/2954, Strooss, mat enger Surface vun 0,4 Ar géint d'Parzell n°758/2955, Plaz, mat enger Surface vun 0,02 Ar. Béit Parzelle befannen sech um Uert 'Rue de la Forêt', Sektioun B vun Ollem. Aus dem Tosch geet ervir dass d'Gemeng dem Här Marcello Stirparo souwéi der Madamm Patrizia Turlione 400,00 Euro muss bezuele fir den Ausgläich.

## *2. Punktuell Modifikatioun vum PAG 'Elmen phase 2'*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun der punktueller Modifikatioun vum PAG (plan d'aménagement général) 'Elmen Phase 2', deen op Initiativ vum Schäfferot vum Ingenieursbüro LSC 360 (fréier Luxplan S.A.) vu Conter, a senger Versioun vum Oktober 2025 ausgeschafft gouf an deen, ënnert anerem, Follgendes ëmfaasst:

- déi allgemeng Bestëmmungen;
- déi reglementaresch Virschrëfte pro Zon;
- d'Ännerunge vun de grapheschen a schrëftlechen Deeler vum PAG;
- d'virbereedend Etude;
- de grapheschen Deel vum PAG;
- de schrëftlechen Deel vum PAG;
- d'Fiche bezüglech der Presentatioun
- Annexen.

Dës Ufro fir déi punktuell Modifikatioun vum PAG betrëfft d'Modifikatioun vum schrëftlechen a vum grafeschen Deel deen a Kraaft ass. Dee vun de Modifikatioune betraffenen Site gouf lotisséiert. Déi grouss Lignë vum Gesamtkonzept vum PAP Elmen bleiwen onverännert, mä verschidden Adaptatioune goufe virgeholl, notamment ass en ëffentlech Ekipement bäikomm. Bei de Modifikatiounen déi ëmgesat goufen handelt et sech ëm d'Reklassement vun der Zon HAB-1 Elmen an eng HAB-2 Elmen an an eng BEP (zone de bâtiments et d'équipements publics) op deem Deel wou soll eng Sportshal hikommen. Et soll och méi dicht bebaut ginn, souwéi och licht Upassunge vun den Delimitatioune betreffend de Servituden "Bebauung" gemaach ginn.

## *3. PAP NQ 'Elmen 02'*

De Gemengerot approuvéiert de modifizéierte PAP NQ (Projet d'aménagement particulier 'nouveau quartier') 'Elmen 02' zu Ollem, sou wéi e presentéiert gouf an deen, ënnert anerem, Follgendes ëmfaasst:

- de geännerte PAP, Versioun Oktober 2025, mat Legend, Schnëtt a Pläng;
- d'Beschreiwung vum Site deen d'Planifikatioun betrëfft;
- de gesetzleche Kader;
- d'Beschreiwung vum urbanistesche Konzept;
- d'Illustratiounen;
- d'Tabell mat detailléierte Berechnungen.

De PAP NQ 'Elmen 02' zu Ollem ëmfaasst eng Kreatioun vun enger BEP Zon fir e Sportkomplex kënnen ze bauen an d'Modifikatioun vun enger Surface an eng HAB-2 fir kënnen en iwwerdeckte Parkhaus am Haaptagang vun der zweeter Phas ze amenagéiere souwéi och 61 Louse fir Logementer. Am ganze sollen 51 Eefamilljenhaiser, opgedeelt a jumeléiert Haiser a Reienhaiser, souwéi och 103 kollektiv Logementer, opgedeelt op 10 Residenzen, amenagéiert ginn.

## *4. Resolutioun betreffend dem Verschwanne vum Nuklear an der Weiderentwécklung vun den erneierbaren Energien*

De Gemengerot decidéiert seng ferm Oppositioun zur Atomenergie erëm ze bestätegen an all Verlängerung vun der Liewensdauer vun

der Zentral vu Cattenom ze verwerfe souwéi och all Konstruktioun vun aneren Zentralen an eisen Nopeschlänner.

De Gemengerot beschléisst dorun ze erënneren dass déi lëtzebuergesch Energiepolitik vu Precautiounsmesuren a Gerechtegkeet ënner Generatioune geleet muss ginn a verwerft all technesch Entscheedung déi kann e Risiko hu fir déi künfteg Generatioun an zwar ausgeléist duerch Atomdreck.

De Gemengerot decidéiert seng explizit Oppositioun, net nëmme géigeniwwer vun der Verlängerung vu Cattenom, mä och géigeniwwer d'Atomkraaft am Allgemengen als Optioun fir Energie virzegesinn, well dës inkompatibel ass mat den Objektiver bezüglech dem Klima an der Energie zu Lëtzebuerg mä awer och an der Europäescher Unioun.

De Gemengerot decidéiert vum lëtzebuergesche Staat eng kloer national Politik, déi kloer géint Nuklear a fir d'Objektiver punkto Energie a Klima vu Lëtzebuerg a vun der Europäescher Union sinn, ze verlaangen.

De Gemengerot decidéiert sech aktiv un der Weiderentwécklung vun den erneierbaren Energië souwéi och un der Effizienz vun der Energie ze bedeelegen an d'Suppressioun vun den administrativen a reglementareschen Hindernisser déi déi lokal Initiative beanträchtegen un ze froen.

De Gemengerot decidéiert sech aktiv un der ëffentlecher Consultatioun bezüglech der Verlängerung vun der Lafzäit vu Cattenom ze bedeelegen a wann néideg Recours anzeleeden fir d'Interessi vun de Bierger ze verteidegen.

De Gemengerot decidéiert déi interkommunal an déi grenziwwerschreidend Kooperatioun innerhalb vun der Allianz vun de Gemenge géint d'Atomenergie ze verstäerken an Hibléck vu gemeinsame politeschen, juristeschen a biergerlechen Demarchen.

De Gemengerot decidéiert fir weiderhin d'Populatioun iwwert d'Risike vun Atom an iwwert déi erneierbar Alternativen ze informéieren an och ze sensibiliséieren, notamment unhand vun der Notzung vu gréngem Elektresch, Eegeverbrauch an d'Deele vun erneierbar Energien sou wéi och innerhalb vun der Allianz vun de Gemengen ze representéieren.

De Gemengerot decidéiert de Buergermeeschter oder säin Delegéierten ze mandatéiere fir d'Gemeng am Dialog mam Energieminister, mat den nationalen an Europäeschen Autoritéiten, ze vertrieden.

## *5. Lotissementer*

### *5.1. Lotissement vun enger Parzell an der 'rue de Kehlen' zu Keespelt*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement, opgestallt vum Kadaster, dee virgesäit d'Parzell Nummer 818/3010, Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, mat enger Surface vun 12 Ar, geleeën an der 'rue de Kehlen' zu Keespelt, ze splécken datt kënnen 3 nei Lousen entstoe fir 3 Reienhaiser ze bauen, nämlech d'Lousen n°818/X1, n°818/X2 an n°818/X3.

### *5.2. Lotissement vun enger Parzell an der 'rue de Kopstal' zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement n°11/8096 dee vum Ingenieursbüro BCR S.àr.l. vu Kockelscheier de 16ten Juli 2025 opgestallt gouf. Bei dësem Projet handelt et sech em d'Parzell Nummer 1901/5720, mat enger Surface vu 5,17 Ar, Plaz, geleeën um Uert 'rue de Kopstal', Sektioun A vu Kielen. De Projet gesäit vir um hënneschten Deel vun der genannter Parzell en neit Lous, mat enger Surface vu 4 Zentiar ze kreéiere fir dëse kënnen un de Proprietär vun der Parzell n°1902/6985, geleeën an der 'rue de Schoenberg' ze cedéieren.

## *6. Jugendkommissioun: Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirer Email vum 21ten September 2025, reecht d'Madamm Claire Thill der Gemeng Kielen hir Demissioun als neutrale Member vun der Jugendkommissioun an. De Gemengerot approuvéiert dës Demissioun an déi genannte Kommissioun setzt sech deemno follgendermoossen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | Fonction | |
|---|---|---|---|
| 1 | MASSARD Sandrine | CSV | Secrétaire |
| 2 | WOLFF Judith | CSV | Membre |
| 3 | LUDOVICY Anne | CSV | Membre |
| 4 | BACK Joan | LSAP | Président |
| 5 | PACIOTTI PEREIRA Patrizia | LSAP | Membre |
| 6 | GREISCH Jessica | DP | Membre |
| 7 | STAUDT Vanessa | déi gréng | Membre |
| 8 | LUCAS Tania | neutre | Membre |
| 9 | PELLIN Jean-Claude | neutre | Membre |
| 10 | vacant | neutre | Membre |
| 11 | DELVIGNE Thierry | neutre | Membre |
| 12 | ATTEN Manon | neutre | Membre |
| 13 | BASTIAN Christian | neutre | Membre |

## *7. Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir zur Verfügung stelle vun zwee Autoe fir Carsharing-ACL Services SA*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir zur Verfügung stelle vun Autoen – ACL Car Sharing – Commune de Kehlen – deen tëschent der Gemeng Kielen vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit ACL Services S.A., vertrueden duerch d'Madamm Miriam Eisenmenger (administratice-déléguée) an den Här Louis-Nicolas Bier (directeur des opérations), den 22ten Oktober ënnerschriwwe gouf.

## 8. Subsiden

### 8.1. Divers Subsiden (3ten Trimester vum Joer 2025) vun engem Montant vu 625,00 Euro

De Gemengerot spent follgend Subventiounen un national an international humanitär Associatiounen déi am drëtten Trimester 2025 eng Subventiounsufro agereecht hunn:

| DEMANDEUR | | | | | | (juillet - septembre) | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | N° Fournisseur | | Forme juridique | Localité | | date demande | montant |
| 1 | 17353 | Fondation „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ | Fondation | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 17/07/2025 | **125,00€** |
| 2 | 37387 | Landjugend Dikkrich | a.s.b.l. | Eschdorf | 3/192/648110/99001 | 17/09/2025 | **125,00€** |
| 3 | 48291 | Lux-Lagos | a.s.b.l. | Bergen | 3/191/648110/99001 | 08/07/2025 | **125,00€** |
| 4 | 35227 | ONGD-FNEL Scouts & Guides de Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 08/08/2025 | **125,00€** |
| 5 | 48288 | ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 17/09/2025 | **125,00€** |
| | | | | | | **total:** | **625,00€** |

### 8.2. Amicale CIS Kielen ASBL – Ordinäre Subsid

De Gemengerot decidéiert, op Propositioun vum Schäfferot, der ASBL Amicale CIS Kielen en ordinäre Subsid an der Héicht vun 3.148,10 Euro anzeraumen.

### 8.3. Kanner an Familljenhëllef ASBL – Ausseruerdentleche Subsid

No hirer Ufro, proposéiert de Schäfferot der Associatioun 'Kanner an Familljenhëllef ASBL' e Subsid vun 1.500 Euro ze bewëllegen. Deemno approuvéiert de Gemengerot dëse Subsid.

### 8.4. Stroossenenglen a.s.b.l. – Ausseruerdentleche Subsid

Unhand vu sengem Email vum 2ten Oktober 2025, huet den Här Jean-Luc Lauer, President vun der Associatioun 'Stroossenenglen a.s.b.l.' eng finanziell Ënnerstëtzung ugefrot. Deemno, bewëllegt de Gemengerot, op Propositioun vum Schäfferot, der Associatioun 'Stroossenenglen a.s.b.l.' en ausseruerdentleche Subsid vun 1.500 Euro.

### 8.5. Donen als Kompensatioun fir Kaddoen am Kader vu Gebuerten, vu Gebuertsdeeg an Hochzäiten

De Gemengerot approuvéiert de Subsid, deen dank de Persounen déi op hier Kaddoe verzicht hunn, u follgend Associatioun kann iwwerwise ginn:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Kanner an Familljenhëllef | Asbl | 3/191/648110/99001 | 1.320,00 € |

## 9. Modifikatioune vum allgemenge Verkéiersreglement vun der Gemeng Kielen – Avenant

De Gemengerot ännert d'kommunal Verkéiersreglement vum 26ten November 2021 follgendermoossen:

- Op der ganzer Längt vum Feldwee tëschent der Ligue HMC an dem Quartier Elmen zu Ollem kënnt e Fuerverbuet ausser fir Vëloen. Op der Plaz wou et méiglech ass ze dréine wäerte stationéieren a parke verbuede sinn.
- Um Schoulcampus zu Kielen souwéi an de niewe Stroossen komme Foussgängeriwwergank Schëlder
- D'Parke bei der Kräizung 'rue de Kopstal' a 'rue des Romains' ass fir Gefierer iwwer 3,5 Tonne verbueden
- Op der Kräizung ‚rue Gustave Feyder' – 'rue de Kehlen' zu Nouspelt kënnt e Warnschëld an e Foussgängeriwwergank Schëld souwéi e Schëld wat eng Limitatioun vun der Vitess uweist: 30 km/h bis d'Haus Nummer 2 an ab do en e Schëld wat eng Limitatioun vun der Geschwindegkeet uweist: 20 km/h
- An der 'Grand-Rue' zu Nouspelt kënnt um Parking beim Haus Nummer 4A e Parkverbuet iwwer 3,5 Tonnen, e Schëld Zon 30 bis bei d'Haus Nummer 14 an e Schëld Zon 20 ab dem Haus Nummer 14 bis bei d''rue Kräizhiel'
- Zu Nouspelt an der 'rue René Gregorius' ass e Schëld wat eng Limitatioun vun der Geschwindegkeet uweist: 30 km/h
- An der ‚rue Gustave Feyder' zu Nouspelt gëtt de Busarrêt signaliséiert, zu Nouspelt 'Kräizhiel' gëtt den Accès Verbuet fir Camionen iwwer 3,5 Tonnen an d'Zon 20 signaliséiert
- Zu Ollem an der 'rue de Capellen' gëtt d'Schëld kee Verkéier ausser fir Cyclisten a Skater ugewisen.

## 10. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert 4 Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar an der Strooss 'Bd Robert Schuman' fir Äerdaarbechte fir den Uschloss vum Gebai Nummer 71a un de Reseau fir Verdeelung vum Gas, vun donneschdes, dem 18ten September 2025 bis Mëttwoch dem 24ten September 2025.

An der Strooss 'Bd Robert Schuman', fir Aarbechte fir den Uschloss vun zwee zwee Familljenhaiser zu Ollem op den Nummeren 103 an 103A, vun donneschdes, dem 9ten Oktober 2025 bis freides, dem 24ten Oktober 2025;

Op der Strooss tëscht Keespelt a Koplescht (Schaar), fir Reparatiounen un der Strooss an d'Installatioun vu Pottoe mat Kazenaen um Bord vum Wee, vun donneschdes, dem 9ten Oktober 2025 bis freides, dem 24ten Oktober 2025;

An der Rue de Goeblange zu Nouspelt, fir Aarbechte fir deen ale Waasseruschloss ze suppriméieren a fir Aarbechte fir nei Waasseruschlëss ze installéieren, vu méindes, dem 20ten Oktober 2025 bis freides, dem 24ten Oktober 2025.

### *11. Personal Ugeleeënheeten*

#### *11.1. Gemengeverwaltung - Schafung vun 2 Posten als Gemengebeamten an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp mat speziellen Aufgaben (Angent-municipallen)*

De Gemengerot schaaft zwou Gemengebeamte Poste fir de Besoin vum technesche Service an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp mat speziellen Aufgaben (Agent-municipallen).

#### *11.2. SEA - Ëmwandlung vun engem Gemengeneployé Posten an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales (Educatuer diplomé) an engem Gemengeneployé Posten an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales (Infirmière diplomée)*

De Gemengerot decidéiert, e Posten als Gemengeneployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales (Educatuer diplomé), an e Posten als Gemengeneployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales (Infirmière diplomée) ëmzewandelen.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *12. Ugeleeënheete vum Personal vum kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner*

#### *12.1. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 75% (30 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 60% (24 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 50% (20 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *12.5. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *12.6. Ufro fir d'Verkierzung vun der Period fir Initiatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot accordéiert d'Verkierzung vun der Period fir Initiatioun vun engem Gemengenemployé vum SEA an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales ëm 8 Méint, sou datt den Ufank vun der Karriär op den 1ten Februar 2026 fixéiert ass.

### *Presentatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun*